N°952
Entrée le 01.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.07.2024

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2024

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

D'Migratiounskris ass en Thema, dat zanter Jore kontrovers an der Ëffentlechkeet diskutéiert gëtt. Vergiess ginn dobäi dacks déi vill Affer, déi duerch d'Aktivitéit vu Mënschenhändler a -schmuggler ëm d'Liewe kommen. Ëmmer erëm héiert ee vu Mënscheschmuggler, déi dobäi erwëscht ginn, wéi se verzweiwelt Mënschen, déi oft vill Geld u si bezuelt hunn, iwwer d'Grenz bréngen.

D'BBC, déi sech mat dësem Thema beschäftegt hat, huet zu Lëtzebuerg e Mënscheschmuggler ausfindeg gemaach, dee verantwortlech ass fir den Doud vu verschiddene Mënschen, déi hien iwwer d'Grenz brénge wollt. Am Reportage ginn dozou och Beweiser opgefouert (*BBC tracks down man behind Channel crossing which killed Sara, 7*) .

Dowéinst wollte mir der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng Konsequenzen zitt d'Regierung aus dem BBC-Reportage?
2. Waren d'Justizautoritéiten an d'Police iwwer dës Fäll informéiert?
3. Wéi e Statut huet de mentionéierte Mënscheschmuggler hei am Land? Huet hien eng Asyldemande hei am Land gemaach? Wa jo, huet hien dobäi eng aner Identitéit benotzt ewéi déi, déi am BBC-Reportage ugi gëtt?

Mat déiwem Respekt,

| | |
|---|---|
| Tom Weidig | Fernand Kartheiser |
| Deputéierten | Deputéierten |

N°952
Entrée le 01.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Elisabeth Margue an dem Här Inneminister Léon Gloden op d'parlamentaresch Ufro N°952 vum 28. Juni 2024 vun den honorabelen Hären Deputéierten Fernand Kartheiser an Tom Weidig**

**1. Wéi eng Konsequenzen zitt d'Regierung aus dem BBC-Reportage?**

D'Regierung huet de BBC-Reportage natierlech zur Kenntnis geholl an hëlt déi diffuséiert Informatioune ganz eescht.

De 27. Juni 2024, den Dag selwer vum entspriechende Reportage, gouf direkt reagéiert an decidéiert de Mann an de Centre de rétention ze plazéieren. D'Police ass direkt no him kucke gefuer, fir hien an de Centre de rétention ze féieren, mee konnt de Mann net untreffen.

De Mann huet sech och net op engem Rendez-vous presentéiert, deen hie fir den 28. Juni 2024 op der Direction générale de l'Immigration am Kader vu senger Prozedur hat. D'Police ass doropshin mat enger Enquête préliminaire befaasst ginn.

**2. Waren d'Justizautoritéiten an d'Police iwwer des Fäll informéiert?**

D'Police huet Kenntnis vu Fäll vu Mënscheschmuggler, mee war net am Virfeld vum BBC Reportage iwwer déi méiglech Präsenz vun engem presuméierten Mënscheschmuggler am Land informéiert.

**3. Wéi e Statut huet de mentionéierte Mënscheschmuggler hei am Land? Huet hien eng Asyldemande hei am Land gemaach? Wa jo, huet hien dobäi eng aner Identitéit benotzt ewéi déi, déi am BBC-Reportage ugi gëtt?**

Wéi schonns aus de Presseinformatiounen ervirgeet, huet de Mann eng Asyldemande gemaach. Op Grond vum Dateschutz an de Reegelen am Internationale Schutz kann d'Regierung keng weider Informatiounen iwwer dem Mann seng Identitéit divulguéieren.

Lëtzebuerg, den 1. August 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue